


Text: Sam Mersch

# ***Kraider, Geessen a Fësch ... Uerts- a Stroossennimm an der Stad mat engem Bezuch op d'Ernierung***

**Uerts- a Stroossennimm si Markere  
vun der lokaler Identitéit. Se sinn  
dacks en Indicateur vu lokale sozialen,  
ekonomeschen a politeschen  
Tendenzen a sinn doduerch e Spiegel  
an d'Vergaangenheet. D'Ernierung war  
grad an der mëttelalterlecher Zäit ee  
vun deene wichtigste ekonomeschen  
Trägeren a soziale Kohäsionspunkten,  
esou datt och d'essen a säi Verschaffen  
op déi eng oder aner Manéier an den  
Nimm optaucht.**



## **Nimm als Kulturierwen**

Nimm sinn identitéitsdroend an droen domat zu enger Kulturkohäsion bäi. Et ass net nëmmer déi individuell Identitéit, mee déi kollektiv Identitéit, déi d'Uertsnimm an domadder och d'Flouer- a Stroossennimm zum Kulturierwe maachen.<sup>1</sup> Se erméiglechen eng Participatioun vum Raum, en Deeke vu Plaz a Sprooch(-konzept) a sinn doniewent Träger vun der *mémoire culturelle*.<sup>2</sup> Well se dës Erënnerungen un d'Benotzung vun enger Plaz vu fréier droen, si se och eng potenziell Quell fir d'Geschicht vum mënschlechen Ëmgang mam Raum, wéi en erlieft ginn ass a wéi de Mënsch de Raum (an d'Natur) fir sech benotzt huet. Dësen Notze war primär pragmatesch ausgeluecht, esou datt vill Flouernimm op eng Agrarwirtschaft hiweisen (wéi zum Beispill *um ale Päschen* op der Cloche d'Or, oder *an der wäisser Uecht* zu Hollerech).<sup>3</sup> Eeler Stroossennimm hunn dacks eng Referenz op d'Handwierk, dat an deene Stroosse prevalent

war (*Millegässel* oder *Millestrooss*), oder och nach op wichteg Bauwierker (*Kierchegässel*, *Neipuerts-gaass*).

## **Planzeproduktioun**

Wann et ëm d'Ernierungsproduktioun geet, da léisst sech tendenziell d'Kultivéiere vu Planzen am beschten an den Nimm nowiesen. Hei ass awer ze constatéieren, datt Lännereie virun allem dono benannt sinn, datt se fir eng Felderwirtschaft benotzt gi sinn, den Numm awer net hiergëtt, ëm wat fir Planzen et sech gehandelt huet. D'Benennung vu konkreete Planzenarten ass am Land vergläichsweis kleng (am Verglach zu allen anere Plazen, déi op eng Agrarproduktioun hiweisen).<sup>4</sup> Wa Planzen ernimmt sinn, da virun allem an de Flouernimm, mat enger primärer Referenz op Kärenzorten, virun allem op de Weess, deen och als besteierbaart Gutt immanent wichteg war.<sup>5</sup> Dat weist, datt et sech hei an éischer Linn ëm Subs-



Foto: Marcel Schneider (1986) © Photothèque de la Ville de Luxembourg

D'Neipuert 1871

Landstécker um Rand  
vun engem Siidlungskär...  
De Kierchberg 1986

tenzwirtschaft gehandelt huet an e Profit just duerch en Iwwerschoss an der Produktioun erreecht konnt ginn.

An der Stad Lëtzebuerg ginn et keng direkt a konkret Indikatiounen, wéi eng Kären als Subsistenz ugeplant gi sinn, wann ee Stécker wéi *bei der wäisser Uecht* (Belair) ewechléisst, wou d'Faarf eventuell op de Weess verweise kéint.<sup>6</sup> D'*wäiss Uecht* kënnt awer och zu Hollerech vir, doniewent awer och *op der grousser Uecht* zu Bouneweg. Uechte ware Landstécker, déi um Rand vun engem Siidlungskär ze fanne waren a schonn a fréier Zäit eng gewësse Relevanz als Feldwirtschaftsland haten.<sup>7</sup> Aus linguistescher Siicht ass wuel dovun auszegoen, datt den Numm schonn am fréie Mëttelelalter benotzt ginn ass, och wann dat net duerch historesch Quellen nozevollzéien ass.

Doniewent si Lännereien, fir Planzen drop ze zillen, dacks no der Gréisst oder Form vum Stéck

benannt ginn. Bei *Siwemuergen* oder *an den zéng Muergen* (Zéisseng) ass zum Beispill e Stéck Land bezeechent, dat vun enger Persoun a siwe resp. zéng Moienter (an enger pre-industrieller Zäit) beakert konnt ginn. Den Aker selwer, sou wéi a *Krommenaker* (Belair), ass dobäi dacks no senger Form oder Qualitéit benannt ginn. D'Wuert *Aker* selwer ass zwar am moderne Lëtzebuergesch net méi geleefeg, mee et huet awer Spueren an der indogermanescher Sproochfamill hannerlooss, wou et primär ëmmer e Land bezeechent, dat geduecht war, fir Planzen drop ze zillen (op Algriiches *agrós* a Laténgesch *ager*, vun deem och d'Wuert Agrikultur staamt).<sup>8</sup>

Méi rezent si Bildunge mam Adjektiv *laang*. Se verweisen ëmmer op d'längelzeg Form vun engem Stéck Land, esou wéi an *op Laangert*, *laang Laangert* (Hollerech) a *Laangfeld* (Hamm). Gemengt ass hei net eng natierlech Längt, mee d'Tatsaach, datt et sech ëm Land gehandelt huet, dat



1911: Wéi Zéisseng nach en Duerf war

Foto: Onbedamm (1911) © Photothèque de la Ville de Luxembourg



an den zéng Muergen, am Brill, am grouse Päschen (Zéisseng), Auszuch aus dem Geoportail (geoportail.lu)



geplout ginn ass. An enger Zäit, an där maximal ee Béischt virun de Plou gespaant war, war et méi einfach, eng gutt Längt ze plouen an dann eréischt ze dréien. Datt et sech net rigid ëm d'natierlech Form vun engem Stéck handelt, weisen Nimm wéi *an de kromme Längten* (Beggen-Walfer), déi e laanggezunnent Stéck beschreiwen, och wann et liicht an der Kéier läit.

### Semi-Pastoralismus an anert Vei

D'Déierenhaltung ass e Motiv, dat duerch manner an den Nimm ze fannen ass. Op eenzele Plazen, sou wéi *um Kéibierg* (Neiduerf), gëtt et eng direkt Referenz op eenzel Zuuchtdéieren. An deene meeschte Fäll, virun allem fir d'Stad Lëtzebuerg, ass awer just d'Tatsaach, datt e Land geholl ginn ass, fir Vei drop ze dreien, ernimmt. *Op der Heed* (Cents) oder *am Jongepäschen* (Hollerech) bezeechen e Land, dat primär geduecht war, fir Déieren drop ze halen. D'Heed bezeechent vu senger Etymologie hier e Land, dat net mat Planze bebaut ass an dat och soss keng kulturell Funktioun huet, esou datt et sech gutt ubitt, Déieren drop grasen ze loosse.<sup>9</sup> D'Päschen, sou wéi *am grouse Päschen* (Zéisseng), si well aus dem Laténgesche geléint (*vu pascuum*), wou se och scho Weedplaze bezeechent hunn. Doniewent sinn och Brillen, wéi *am Brill* (Zéisseng), scho fréi fir d'Fiddere

vun Déiere benotzt ginn. D'Etymologie suggeréiert e galleschen (kelteschen) Ursprung, mee et huet do e klenge ofgegrenzente Areal bezeechent. Spéider hu Plazen esou en Numm kritt, wa se ganz säfteg waren an doduerch finanziell méi interessant.<sup>10</sup>

Datt esou Plaze mat Referenz op Weedwirtschaft dacks net no beim Duerf louchen, niewent der Tendenz, datt vill Weeër no Kéi, Schof oder Geesse benannt sinn, setzt viraus, datt et e gewëssene Semi-Pastoralismus gouf, wou d'Déiere vu Plaz zu Plaz gedriwwen gi sinn. Dëst gëtt och bestätegt vu Plaze wéi *um Onner* (Bouneweg), déi eng Plaz beschreiwen, wou d'Déiere virun der Sonn oder dem Wieder ënnerkomme konnten. Eenzel Nimm, esou wéi *an der Atzeng* (Gaasperech), bezeechen Plazen, wou Déiere grase gelooss gi sinn (den Numm huet etymologesch eppes mam Verb iessen ze dinn).

### Handwierk an Handel

D'Handwierk ass an den Uertsnumm manner present wéi esou munch aner Theemekomplexer. Esou wonnert et och net, datt d'Handwierk, dat eppes mat der Ernärung ze dinn huet, kaum virkënt. An de Flouernimm ass praktesch just d'Mëllerei iwweregblawen, esou wéi beim *Millewee* (Gaasperech an Hollerech) oder dem

D'Millebaach Ufank  
den 30er-Joren

*Millebiery* (Bouneweg). D'Mille waren net nëmme wichteg fir d'Muele vun de Kären, se haten dacks och eenzel Lännereien, déi hinnen zougewise waren, déi de Mëller konnt fir sech bewirtschaften.

Handwierk an Handel iwwerliwwen dogéint dacks gutt a Stroossennimm, esou wéi bei der *Fleeschiergaass*, der *rue de la Boucherie*, déi während der Occupatioun *Fleischergasse* geheescht huet. D'Strooss ass eréischt 1925 offiziell benannt ginn (mam franséischen Numm), mee d'Tatsaach, datt et d'Wuert *Fleesch(i)er* esou am Lëtzebuergeschen net (méi) gëtt, ass en Indicateur, datt déi mëndlech lëtzebuergesch Form vum Numm relativ al ass.

Mäert waren a mëttelalterlecher Zäit duerchaus wichteg, esou datt dës och an der Stroossebenennung virkomm sinn. Hautdesdaags sinn dovun am prominentsten iwwerbliwwen: de *Krautmaart* an de *Fëschmaart*, déi speziell dediéiert Plaze fir spezialiséiert Mäert waren. Allerdéngs ass op d'mannst beim *Fëschmaart* dovun auszegoen, datt et am Ufank just en einfache Maart war.<sup>11</sup>

Am Joer 2019 goufen d'Lëtzebuergesche Haus- a Flouernimm op den nationalen Inventar vum immaterielle Kulturerwen opgeholl. ■■■

#### Sam Mersch

*huet Kultur - a Sozialgeschicht an historesch-vergläichend Linguistik an Däitschland an Amerika studéiert an zu Lëtzebuerg en Doktorat an der Lëtzebuergescher Linguistik gemaach, mat engem Schwéierpunkt op der Geschicht vum Lëtzebuergeschen.*

#### Bibliographie

- 1 Kunze, Konrad, dtv-Atlas Namenkunde. Vor- und Familiennamen im deutschen Sprachgebiet. Mit 105 Abbildungsseiten in Farbe, München 1998, S. 10-11, 17, an och all dat, wat mat Identitéit Hand an Hand geet, kuck Ainiäla, Terhi/Östman, Jan-Ola, Introduction, in: Ainiäla, Terhi/Östman, Jan-Ola (Hg.), *Socio-onomastics. The pragmatics of names*, Amsterdam / Philadelphia 2017, S. 1-18, hei speziell 1-2.
- 2 Maurer, Michael, *Kulturgeschichte*, Köln 2008, S. 69-72, 165, 174-183.
- 3 Mersch, Sam, *The Hybridity of Living Sources*, in: Tatarionov, Juliane/Fickers, Andreas (Hg.), *Digital History and Hermeneutics*, Berlin 2022, S. 161-163.
- 4 Mersch, Sam, *Studies in Luxembourgish Micro-Toponymy and Linguistic History. Phonology, Morphology, Syntax and Lexical Studies*, Doctoral Dissertation, University of Luxembourg 2021, S. 437-445.
- 5 Mersch, Sam, *Studies in Luxembourgish Micro-Toponymy*, S. 437-438.
- 6 Kuck heizou och Mersch, Sam, *Studies in Luxembourgish Micro-Toponymy*, S. 438.
- 7 Mersch, Sam, *Studies in Luxembourgish Micro-Toponymy*, S. 78.
- 8 Kluge, Friedrich, *Etymologisches Wörterbuch der deutschen Sprache*. 25. Auflage, Berlin 2011, S. 14.
- 9 Kluge, Friedrich, *Etymologisches Wörterbuch*, S. 404.
- 10 Mersch, Sam, *Studies in Luxembourgish Micro-Toponymy*, S. 394.
- 11 Eyy Friedrich, *Was bedeuten die Straßennamen der Stadt?* In: *Ons stad* Nr. 22, 1986, S. 17.